N° 4453
Reçue le 19.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 19 JUIL. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4453 du 10 juin 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les chartes de lutte contre les nuisances sonores, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro n° 4453 vum 10 Juni 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

1. Ginn an dëser Charte konkret Ziler festgehalen, wat d'Unzuel vun den Nuetsflich an de Geräischpeegel ugeet?

No enger Analys vum Mobilitéitsministère an den zoustännege Servicer vun der ANA am Joer 2017 war festgehale ginn, datt d'Unzuel vun den Departen no Mëtternuecht op 95 Flich pro Joer limitéiert soll ginn, an dëst fir alleguerten d'Fluchgesellschaften zesummen. Do dernieft solle no 01.00 Auer nuets keng Flich méi vun der ANA erlaabt ginn, et sief dann si hätten eng permanent Derogatioun op Basis vum Artikel 13 vum *"Règlement grand-ducal modifié du24 Mai 1998 fixant les conditions d'exploitation technique et opérationnelle de l'aéroport de Luxembourg"*.

An deem Kontext reegelt d'Charte d'Departe vun der Cargolux, déi tëschent Mëtternuecht an 01.00 Auer sollen erausgoen an déi eng speziell Autorisatioun vun der ANA brauchen. D'Charte accordéiert der Cargolux e gewëssen Undeel un deene 95 Flich, wourops d'Cargolux sech an der Charte engagéiert dës järlech Quot net z'iwwerschreiden.

Em de Geräischpeegel geet et an dëser Charte net.

2. Hunn nach weider Fluchgesellschaften esou Charten ënnerschriwwen?

Bis elo goufe keng weider Chartë mat anere Fluchgesellschaften ënnerschriwwen.

3. Falls an der Charte vun 2018 keng konkret Ziler festgehale sinn, gedenkt de Mobilitéitsminister esou Ziler mat der Cargolux an den anere Fluchgesellschaften opzestellen?

Dës Charte ass net de richtege Kader fir Geräischpeegele festzeleeën. Wat dës Geräischpeegelen ugeet, brauch all zivile Fliger, deen an der EU fléie wëll en "EASA Certificat de Navigabilité". Fir dësen ze kréien, muss de Fliger ë.a. en obligatoreschen an EASA-konforme "Certicat acoustique" besëtzen, deen noweist, datt de Fliger déi akustesch Ufuerderungen an der EU erfëllt.

4. Ass een Datum virgesinn, ab deem keng Nuetsflich méi vum Findel aus geflu ginn?

Mir hunn am Prinzip en Nuetsfluchverbot tëscht 23.00 a 6.00 Auer. An där Period kënnen nëmme Flich zu Lëtzebuerg landen déi Verspéidung hunn oder mat enger Sondergenehmegung, wéi z.B. fir d'Cargolux.

Am Moment ginn et wuel duerch de Piste-Chantier keng Nuetsflich um Findel. Dëst bedeit awer e grousse logisteschen Opwand, besonnesch fir Cargoflich a verspéite Passagéierflich, déi da mussen op alternativ Fluchhäfen auswäichen. De weideren Transport bis op Lëtzebuerg vun de Passagéier oder dem Cargo muss dann nach sécher gestallt ginn.